**Evangelium vun Ouschteren (am Dag)**
**(Joer A - B - C)**

**Joh 20,1-18**

*G. Den Här sief mat iech all.*
*A. An och mat Iech.*
*G. Aus dem hellegen Evangelium nom Johannes.*
*A. Dir all Éier, Här.*

1 Den éischten Dag vun der Woch ass d'Maria vu Magdala
an aller Fréi, wéi et nach däischter war,
bei d'Graf komm
an huet gesinn, datt de Stee vum Graf ewechgeholl gi war.
2 Dunn ass si bei de Simon Péitrus gelaf
a bei deen anere Jünger, mat deem de Jesus frou war,
an si sot zu hinnen:
"Et hunn der den Här aus dem Graf ewechgeholl,
a mir wëssen net, wuer si hien higeluecht hunn!"

3 Dueropshi sinn de Péitrus an deen anere Jünger erausgaang
a bei d'Graf komm.
4 Déi béid si mateneen dohi gelaf,
ma deen anere Jünger ass méi séier gelaf wéi de Péitrus
an ass als Éischte bei d'Graf komm.
5 Wéi hien sech eragebéckt huet,
huet hien d'léngen Dicher do leie gesinn;
hien ass awer net eragaang.

6 Du koum och de Simon Péitrus, deen him nokomm war,
a goung an d'Graf eran.
Hien huet d'léngen Dicher do leie gesinn
7 an d'Schweessduch, dat op dem Jesus sengem Kapp geleeën hat.
Et louch awer net bei de léngen Dicher,
ma zesummegerullt op enger anerer Plaz.
8 Elo ass och deen anere Jünger,
deen als Éischte bei d'Graf komm war, eragaang;
hien huet gesinn an huet gegleeft.
9 Si haten nämlech d'Schrëft nach net verstan,
no där de Jesus huet misse vun den Doudegen operstoen.

10 Du sinn d'Jünger nees heemgaang.

11 D'Maria awer stoung dobausse virum Graf an huet gekrasch.
Iwwerdeems si gekrasch huet,
huet si sech an d'Graf eragebéckt
12 an huet zwéin Engelen a wäisse Kleeder do sëtze gesinn,
ee beim Kapp an ee bei de Féiss,
do wou dem Jesus seng Läich geleeën hat.
13 D'Engelen hunn si gefrot: "Fra, firwat kräischs du?"
Si huet hinne geäntwert:
"Et hunn der mäin Här ewechgeholl,
an ech weess net, wuer si hien higeluecht hunn!"

14 Nodeems si dat gesot hat, huet si sech ëmgedréit
an huet de Jesus do stoe gesinn;
si wousst awer net, datt et de Jesus war.
15 De Jesus huet si gefrot: "Fra, firwat kräischs du?
Wie sichs du?"
Si huet ugeholl, hie wär de Gäertner, a sot zu him:
"Här, wann s du hie fortgedroen hues,
da so mir, wuer s du hien higeluecht hues,
fir datt ech hie siche goe kann!"

16 De Jesus sot zu hir: "Maria!"
Si huet sech ëmgedréit
a sot zu him op hebräesch: "Rabbuni!",
dat heescht iwwersat: "Meeschter!"
17 De Jesus sot zu hir: "Hal mech net un!
Ech sinn nämlech nach net eropgaang bei de Papp.
Géi bei meng Bridder a so hinnen:
Ech ginn erop bei mäi Papp an äre Papp,
bei mäi Gott an äre Gott!"

18 Dunn ass d'Maria vu Magdala higaang an huet de Jünger verkënnegt:
"Ech hunn den Här gesinn!"
An si huet erzielt, wat hien hir gesot hat.

*G. Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*
*A. Dech, Christus, luewe mir.*